ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

D'Regierunge vun den EU-Memberstaate sinn autonom, wat hir Bildungssystemer ugeet, a kënnen no eegenem Ermiesse Reegelungen applizéieren, och wat d'Unerkennung vun akademesche Qualifikatiounen ugeet. Déi national Diplomer ginn zu Lëtzebuerg automatesch vum Staat unerkannt, bei auslänneschen Diplomer ass d'Androen an den «Registre des titres de formation» erfuerderlech, fir kënnen een akademeschen Titel ze droen a fir Zougank zu verschiddene Beruffer ze hunn.

Leider ginn et och zu Lëtzebuerg Héichschoulen, déi Diplomer ausstellen, déi net vum Lëtzebuerger Staat unerkannt ginn. Vill Studenten hunn an deem Kontext negativ Erfarunge gesammelt. Sou gi beispillsweis Diplomer vum «Business Science Institute», deen zu Woltz etabléiert ass an dee souwuel vun der Université Jean Moulin Lyon 3 wéi och vun der University of Technology zu Sydney ofhänkt, net vum Lëtzebuerger Héichschoulministère unerkannt. Studenten, déi een Diplom vum BSI an der Täsch hunn, kréie gesot, de BSI wier net hei am Land akkreditéiert an dierft eigentlech keng Diplomer ausstellen. Effektiv ass et esou, datt ausserhalb vun der Uni Lëtzebuerg just véier Héichschoulen hei am Land offiziell vum Ministère unerkannt ginn: d'Sacred Heart University, d'Luxembourg School of Business, d'LUNEX University an d'Miami Universiy John E. Dolibois European Center. Op Nofro beim Lëtzebuerger Héichschoulministère kréie Studente gesot, ongeféier 6000 Diplomer géifen hei am Land net unerkannt ginn, wat fir déi betreffend Studenten oft schlëmm Konsequenzen huet, well si vill Geld investéiert hunn, fir iwwerhaapt op deenen «illegalen» Héichschoulen ze studéieren, an elo näischt mat hirem Diplom kënnen ufänken.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi eng Héichschoulen hei am Land ginn net vum Héichschoulministère unerkannt? Aus wéi enge Grënn ginn dës Héichschoulen net unerkannt?
2) Firwat war den Här Minister 2015 als Éieregaascht bei der «Opening Ceremony» vum Business Science Institute zu Woltz present, obschonn dës Héichschoul net vum Héichschoulministère unerkannt gëtt?

3) Kann den Här Minister erklären, ob de CEDIES déi zukünfteg Studenten driwwer informéiert, wat fir Héichschoulen a wat fir Diplomer hei am Land net vum Ministère unerkannt ginn?
4) Kann den Här Minister Statistike virleeën iwwer d'Zuel vun Diplomer, déi hei am Land net unerkannt ginn? Hunn déi zukünfteg Studenten Accès zu dëse Statistiken?
5) Misst et net eng «obligation légale» fir all Héichschoulen hei am Land ginn, hir Studenten driwwer ze informéieren, ob d'Diplomer, déi si ausstellen, och vum Lëtzebuerger Staat unerkannt ginn?
6) Op wéi enge Premissë baséiert d'Validitéit bzw. Net-Validitéit vun Héichschouldiplomer hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**